CID FRAEN AN GENDER

# Parlamentswalen 2023

## Recommandatioune vum CID | Fraen an Gender

## fir genderrelevant Sujeten fir d'Walprogrammer an als Basis fir den zukünftege gendersensibele Regierungsprogramm

### Bildung

1. **Diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistesch) am Schoulmaterial an an de Programmer mussen ofgeschaaft ginn**

- Externen onofhängegen Expert*innegrupp (Expertise Sexismus, Rassismus, Klassismus - gëtt ëmmer bei Bedarf aberuff), deen d'Schoulbicher iwwerliest (Optrag a Finanzéierung vum Bildungsministère) an direkt Alternativen ausschafft fir problematesch Passagen
- Lëtzebuergesch Schoulbicher direkt iwwerschaffen a nei drécken. Neit Material vum Expert*innegrupp iwwerliese loossen ier et an den Drock geet. Besonnesch problematescht auslännescht Material erofhuele vum Programm. Oder Begleetmaterial ausschaffen als obligatoresch Bäilag
- Konkret Uspriechpersoun beim Bildungsministère, déi vun Elteren, Pedagog*innen a Schüler*inne kontaktéiert ka ginn a Bezuch op Schoulmaterial oder Programm an Ännerungen an d'Weeër leede kann
- Eng verflichtend Formatioun fir d'Léierpersonal fir déi eegen Haltungen ze reflektéieren, ze erkennen an ze hannerfroen a Bezuch op Sexismus, Rassismus a Klassismus, fir esou diskriminéierend Inhalter erkennen ze kënnen an dat och am Unterrecht thematiséieren ze kënnen

2. **D'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer muss erhéicht ginn**

- Literaturlëschte musse paritéitesch opgestallt ginn
- Externen Expert*innegrupp gëtt vum Bildungsministère beoptraagt d'Programmer ze analyséieren a Recommandatioune fir all Fächer auszeschaffen

3. **Genderspezifesch Aspekter mussen an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréiert ginn**

- Uni Lëtzebuerg motivéiere Gender Studien als obligatoreschen Deel vun der Ausbildung fir Enseignant*en ze integréieren. Doriwwer eraus sollt et ee breede Choix u Coursë mat Genderbezuch ginn
- Rëm-Aféierung vun engem Léierstull Gender Studien op der Uni Lëtzebuerg

4. **D'Erkennen an d'Präventioun vu Gewalt mussen als feste Bestanddeel an d'Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal integréiert ginn**

- Obligatoresch Aféierung vun engem Modüll iwwer geschlechtsspezifesch Gewaltpräventioun an der Formation initiale

- Järlech Formatioun mat engem externen Expert*innegrupp zu geschlechtsspezifischer Gewaltpräventioun
- Spezifesch Formatioun fir all Persoune bei der Police, déi iwwert de Noutruff bei Leit heem ginn oder am ëffentleche Raum bei Gewalt agräifen
- Spezifesch Formatioun fir Riichter*innen a Staatsanwält*innen, déi Fäll vu genderbezu Gewalt verhandelen

5. **Déi non-formal Bildung muss duerch eng geschlechtersensibel Perspektiv ergänzt ginn**

- Obligatoresch Formatioune fir dat pedagogescht Personal duerch Expert*innen
- Integratioun vun engem spezifesche Modüll an d'Grondausbildung vun Educateur*ricen, Aide-educateur*rices, Auxiliaires de vie an alle weidere sozialpedagogesche Beruffsgruppen
- Iwwerpréiwe vun de Programmer vun der Grondausbildung vun den Educateur*ricen op eng geschlechtersensibel Perspektiv duerch Expert*innen

## Aarbecht

6. **De (berengegten) Gender-Pay-Gap muss ofgeschaaft ginn**

- Verflichtend transparent Salairen
- Kontrollen duerch ITM (Sanktiounen)
- Aarbechtsrecht: no enger gewëssener Unzuel u Joren op där selwechter Aarbechtsplaz automatesch op qualifizéierte Mindestloun klammen

7. **Eng Wochenaarbechtszäitverkierzung bei vollem Gehalt fir all Mënsch**

- 32-Stonne-Woch

8. **De Pension Gap aktiv bekämpfen**

- Obligatoresch Cotisatioun: Verflichtung, Pensiounsbäiträg ze cotiséieren, och wann een net bezuelt schafft (Conjoint*e oder Staat jee nom Akommes/Verméige vum*vun der Conjoint*e)
- Mindestrent upassen
- Salaire erhéije vu bestëmmte Beruffsgruppen (Care-Beruffer, Botzsecteur)
- Fréizäiteg Informatioun iwwert déi perséinlech Pensiounsperspektiven

9. **Kannerbetreiung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren**

- Reform vum Kader/Statut fir Dageselteren
- Verlängerung vum Congé de naissance
- Betribscrèchen aféieren/genuch Betreiungsplazen garantéieren

10. **Ersatz vum Pappecongé duerch en inklusive Congé de naissance**

- 3 Méint bei vollem Lounausgläich fir den zweeten Elterendeel, onofhängeg vum Geschlecht

11. **Strukturell Aarmut vun den Elengerzéienden ofschafen**

- Ëmsetzung vun der Steierreform prioriséieren
- Erhéijung vum Mindestloun
- Familljeprestatiounen indexéieren/erhéijen

- Gratis a qualitativ héichwäerteg Kannerbetreiung
- Bezuelbare Wunnraum

## Gesondheet

12. **Schafung vun enger gesondheetspolitescher Strategie, déi eng Genderperspektiv applizéiert an der Fuerschung, an der Ausbildung, an de Cabineten an an de Spideeler**

- **Obligatoresch Formation Continue fir dat gesamt medezinescht Personal**

13. **Unerkennung vun der „Endometrios" als chronesch Krankheet**

- Code bei der CNS (net just fir Operatiounen) an doduerch Erfaassung vu bekannten Endometriosfäll hei am Land
- Méiglechkeet en "statut du·de la salarié·e handicapé·e" ze kréien bei schwéiere Verleef
- Remboursement vun Endometrios spezifesche Medikamenter
- Schafung vun engem interdisziplinären Zentrum fir Endometrios-Patient*innen (mat spezialiséierten Gynekolog*innen, Psycholog*innen, Sexolog*innen, alternativ Medezin)
- Systematesch Recommandatioun a Remboursement vu Reha-Moossname fir Endometrios-Patient*innen no enger OP
- Remboursement vum Traitement vu Kiné, Psycholog*innen, Ostéopathie an Naturopathie
- Endometrios an de Biologie Programm op 7ième integréieren
- Endometrios an der Ausbildung vun den Infirmier*ièren integréieren
- Bei de schoulmedezinesche Kontrollen fir Endometrios sensibiliséiert ginn

14. **Schafung vun engem onofhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt**

15. **Aféierung Gratisverdeele vu Menstruatiounsproduiten an alle staatlech geréierten Toiletten**

16. **Recht op kierperlech Selbstbestëmmung an der Verfassung verankeren**

- Inklusiv an destigmatiséierend Sensibiliséierungscampagne zu de Rechter beim Wonsch vun engem Schwangerschaftsofbroch
- Regëster vu Gynekolog*innen, déi Schwangerschaftsofbréch duerchféieren

## Politik a Gesellschaft

17. **Erhiewung a Notzung vu genderspezifeschen Donnéeën**

- Genderspezifesch Daten (déi iwwer Zweegeschlechtlechkeet eraus ginn) als Viraussetzung fir d'Finanzéierung vu staatlechen a parastaatleche Projeten
- Geziilt Färderung vu Genderfuerschung
- Erweidere vun der Geschlechtsnennung (nieft Mann, Fra och eng weider Optioun an och d'Optioun, keng Angab wëllen ze maachen) bei allen offiziellen Dokumenter/Demanden/Kontrakter vu staatlechen oder parastaatlechen Acteur*ricen

18. **Genderbudgeting ëmsetzen**

- Gendersensibel Analys vun de staatleche Recetten an Depensen (Analys vun der Beschäftegungs- an Akommessituatioun; Analys vun der Notzung vun de staatleche

Leeschtungen...)

- Genderbudgeting als Grondprinzip vun der Staatsfinanzéierung
- Reegelméisseg Kontroll vun der Ëmsetzung vu Genderbudgeting duerch en externen Expert*innegrupp
- Finanzéierung vun zivilgesellschaftlechen Initiativen, déi sech fir d'Gläichstellung engagéieren

19. **Eng intersektional Gläichstellungspolitik bedreiwe mat geziiltem Asaz fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung**

- Reegelméisseg mat betraffene Persoune Projeten ausschaffen, déi konkret Fuerderunge vum Terrain uginn (mat de jeeweils zoustännege Ministèren)
- Intern Sensibiliséierungsformatiounen (ëffentleche Secteur)
- Barrièrefräien Zougang fir intern an ëffentlech Veranstaltunge garantéieren
- Ëffentlech Dokumenter a liichter Sprooch zur Verfügung stellen
- Déi ënnerschiddlech Liewenssituatiounen an Interessie vu Frae bei alle politeschen Decisioune berécksiichtegen (intersektionale Gender Mainstreaming)

20. **Genderspezifesch Gewalt bekämpfen**

- National Etüd, déi méi wäit wéi d'Policestatistik geet, an och d'Donkelziffer ëmfaasst (all
- Gewaltformen, déi an der Istanbul Konventioun genannt ginn)
- Psychesch Gewalt an d'Strofgesetz integréieren (a kloer definéieren)
- Femizid an d'Strofgesetz integréieren (a kloer definéieren)
- Ophiewung vum Urecht op en automatesche Sursis bei der 1. Verurteelung fir Gewalttäter*innen
- Schafung vun enger zentraler Ulafstell fir Betraffener vun genderbezu Gewalt. Betraffener kréie psychologeschen, juristeschen, medezineschen a soziale Support vu Spezialist*innen a gi bei Bedarf och nach u weider spezialiséiert Servicer orientéiert (z.Bsp. UMEDO, SAVTEH...)
- Konkret Moossnamen fir genderspezifesch Gewalt op der Aarbecht ze bekämpfen
- Konkret Moossnamen fir (genderspezifesch) online Gewalt (hate speech) ze bekämpfen

21. **Bezuelbare Wunnraum fir all Mënsch, awer besonnesch fir vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen**

- Zuel vu Plazen a Fraenhaiser an Noutfallwunnengen erhéije fir d'Waardelëschte fir Affer vu genderbezu Gewalt ze eliminéieren
- Geziilt Accueilsangeboter fir Fraen, net binär Persounen a queer Mënschen, déi op der Strooss liewen
- Recht op würdegen a bezuelbare Wunnraum an d'Konstitutioun schreiwen

22. **Jongen- a Männeraarbecht férderen als wichtege Bestanddeel vu Gläichstellungsaarbecht**

- Bestandsopnam vun der Jongen a Männeraarbecht aktualiséieren
- Jongenaarbecht a Jongepedagogik fest an déi pedagogesch Offer zu Lëtzebuerg implementéieren
- Offer u männerfokusséierter Berodung ausbauen
- Offer vu Weiderbildungen, déi sech spezifesch u Männer riichten (zu *mansplaining, toxic masculinity, manspreading* etc)

23. **Ongläich Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht bekämpfen**

- Aarbechtszäitverkierzung
- Verlängerung/Upassung vum Gebuertscongé fir den zweeten Elterendeel
- Betribscrèchen ubidden

24. **Ferderung vu Paritéit an de politesche Mandater**

- Obligatoresch paritéitesch Lëschten
- Paritéitesch Regierung
- Flexibel Aarbechtskonditiounen
- D'Riedzäit an d'Dauer vun de Versammlunge reduzéieren/upassen
- Deelzäitaarbecht fir Spëtzepositiounen erméiglechen
- Spezifesch Moossnahmen fir de Schutz an d'Ënnerstëtzung vu jonken Elteren mat Mandat, besonnesch Mammen am Wochebett

25. **Sexistesch Belästegung am ëffentleche Raum bekämpfen**

- Beliichtung am ëffentleche Raum erweideren
- Kontaktpersonal am ëffentleche Verkéier sensibiliséieren an hir Zuel erhéijen
- Campagnen op Garen, a Bushaiserchen, déi sexuell Belästegung benennen a verurteelen
- Noutfallbornen (op mannst op zentralen) Ëmsteigplaze vum ëffentlechen Transport
- Ferderung vu Sensibiliséierungsprojeten, déi sexistesch Belästegung am ëffentleche Raum cibléieren (z.B. mat Projetsausschreiwung an/oder Präisausschreiwung)

26. **Ferderung vun enger geschlechtersensibeler Verkéierspolitik**

- Bestandsopnam duerchféieren, fir gegendert Verhalen (ënnerschiddlech Besoinen) ze identifizéieren
- Mat engem externen Expert*innegrupp gendersensibel Strategien entwéckelen
- Integratioun vun intersektionale Perspektive bei der Verkéiers- a Stadplanung
- Paritéit an den Entscheedungsgremie vu Verkéiers- a Stadplanung an Transportfirmaen
- De Fokus fort vum Auto a Richtung Foussgänger*innen a Vëlosfuerer*innen
- Barrièrefräiheet am ëffentleche Raum an am ëffentlechen Transport garantéieren
- Offer u gratis Cargo-Bikes an alle Stied (nom Modell vum Wiener Grätzlrad)
- Eng Offer wéi Vel'OH, bei där een awer e Kannersëtz bzw. en Unhänger befestege kann, an déi och a Kannergréissten existéieren
- Sëtzgeleeënheet an eng gutt Beliichtung op all Haltestell
- Geschwindegkeetsbegrenzung op 30km/h an Dierfer a Stied
- Autofräi Bannestied

27. **Ëmsetzung vun enger feministescher Aussepolitik**

- Paritéitesch (an intersektional) Besetzung vun Entscheedungsposten
- Dialog/Kooperatioun mat feministeschen Organisatiounen op nationalem an internationalem Niveau
- Méi finanziell a personell Ressourcen zur Ëmsetzung vun der Agenda2030
- Fokus läit op Konfliktverhënnerung & Friddenskoalitiounen
- Militäresch Ofrëschtung
- Sëtz an internationale Gremie notzen, fir ëmmer déi feministesch Perspektiv matzedenken an an Entscheedungen/Resolutiounen/Texter afléissen ze loossen
- Ëmsetzung vun der Resolutioun Fraen, Fridden a Sécherheet

- Ënnerschreiwe vum Atomwaffeverbuetsvertrag
- Aktiounsplang mat moossbaren Ziler, déi transparent a verständlech sinn, inklusiv Zäitplang, Budget an Evaluatiounsschrëtt

28. **D'Mënscherechter vu Fraen a geschlechtleche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren**

- Konsequent Applikatioun vun der Istanbul Konventioun
- E Verbuet Mënschen ouni Pabeieren, déi strofbaart Verhale vis-à-vis vun hinne bei der Police denoncéieren, aus Lëtzebuerg auszeweisen
- Den Zougang zu Foyere fir Fraen, déi vu Gewalt betraff sinn, garantéieren
- Fraen a geschlechtlech Minoritéiten ouni Pabeieren, déi Affer vun (haislecher) Gewalt sinn, solle keng Angscht mussen hunn, bei d'Police ze goen an eng Plainte ze maachen. D'Meldepflicht bei der Direction de l'immigration muss deen Ament ausgesat ginn
- Bei lafende Plainten/Ënnersichunge bei haislecher Gewalt mussen Ausweisungen ausgesat ginn, bis déi strofrechtlech Prozeduren ofgeschloss sinn
- Fraen, déi en Titre de séjour iwwert hire Mann kritt hunn, mussen direkt eng Aarbechtserlabnis kréien, fir hir Integratioun um Aarbechtsmarché ze erliichteren an hir finanziell Onofhängegkeet ze sécheren

## Kultur

29. **Geziilt Fërderung vu weiblechen, queeren a marginaliséierten Kënschtler*innen**

- Ausschaffe vu Sensibiliséierungskonzepter wéi *Kinder entdecken Künstlerinnen*
- Finanziell Ënnerstëtzung fir Kulturinstitutiounen, déi explizit feministesch Konscht an hir Programmer ophuelen
- Paritéitesch Besetzung an de Gremien an an de Programmer
- Berücksichtegung vun Genderthemen an de Programmer
- Järlech Supervisioun vun de Programmer aus enger geschlechtssensibeler Perspektiv duerch en onofhängege Gremium

30. **Schafung vun enger onofhängeger Ulaf- a Vertrauensstell fir Kulturschafender, déi vun Diskriminéierung oder Mëssbrauch betraff sinn**

- Psychologesch a juristesch Betreiung a Begleedung vu Betraffenen
- Präventioun duerch Sensibiliséierung fir Professionneller aus dem Kultursecteur (Leedung an Terrain)

## Sport

31. **Genderspezifesch Diskriminéierung am Veräinssport, Profisport a Fräizäitsport ofschafen**
    - Erhiewung vun Donneeën zu Gendergläichstellung an der Lëtzebuerger Sportwelt (Vergläich Finanzéierung Fraen- a Männersport, Nowuessfërderung, Trainer*innen, Veräins- a Verbandsleedungen…)
    - Obligatoresch Formatioun vun allen Trainer*innen géint sexualiséiert an genderbezu Gewalt